

Ech hu probéiert, fir lech déi alleguerten esou kuerz wéi méiglech ze faassen an esou verständlech wéi méiglech eriwuerze-ginn. Déi technesch Detailer fannt Der sou-wuel am Projet de loi wéi och am Rapport erëm.

D'Modifikatioune sinn - éischstens - d'Integratioun vum Pensiounsfong vun der Banque centrale vu Lëtzebuerg an deem interne Koordinatiounssystem. Dat, fir engersäits déi praktesch Schwieregkeeten ze behiewen, déi festgestallt goufe bei der all-deeglecher Gestiou vum dëse Fonge vun der BCL, an anerersäits fir d'Finanztransfer-ten, déi mussen organiséiert ginn tëschent de Pensiounsfonge vun der BCL an deenen anere Pensiounsorganismen. Dat, wann zum Beispill e Statsbeamten oder e Salarié bei d'BCL kënnst oder vun der BCL fort géif goen. Et ass dat déi éischt Modifikatioun, déi gemaach ginn ass.

Déi zweet Modifikatioun ass déi vun den Transfertë vun de Rechter vun den Agente vun den Europäesche Communautéiten. Hei ass d'Modifikatioun virun allem, fir d'Dé-laie vum Rachat vun de Pensiounsrechter méi flexibel ze maachen, déi e Beamte sech ugëeegent huet während Beschäftigungs-perioden, déi viru senger Titularisatioun bei engem internationalen Organismus statt-fonnt hunn.

Drëttens, den Transfert vun de Rechter vun den Agenten vum Generalsekretariat vum Benelux. Hei gëtt d'Reprise vun de Rechter duerch de Lëtzebuerger Regime organi-séiert, wann den Agent beim Generalsekre-tariat vum Benelux fortgeet.

Dat Véiert ass de Punkt vu Mise en compte vun de spezielle Majorations profession-nelles. Hei gi virun allem Ongerechtegkeete redresséiert, déi bestinn, wann en Invalide-pensiounsempfänger erëm eng berufflech Aktivitéit ophëlt, déi him d'Recht op eng Pensioun géif opmaachen.

Fënneftens, de Prinzip vun der leschter Pen-siounskeess. Dëse Prinzip gëtt virun allem op verschidde speziell Fäll erweidert.

Da koumen derniewent awer am Kader vun dësem Projet de loi Amendementer, déi säi-tens der Regierung eragereecht goufen an déi sech virun allem op véier Voletë bezunn hunn, a bei deenen et och wicteg ass, mengen ech, datt mer se elo stëmmen an applizéieren nach virum 31. Dezember.

Éischstens geet et ëm verschidden Adapta-tiounen, déi noutwendeg gi sinn am Kader vun der Schafung vun engem Statut unique, dee mer virun enger Zäit hei an der Cham-ber votéiert hunn.

Zweetens sinn et Adaptatiounen, déi nout-wendeg goufen no der Mise en demeure vun der Europäescher Kommissioun géint Lëtzebuerg duerch d'Netapplizéieren oder d'Applizéiere vun der Residenzklause.

Drëttens dann awer och d'Adaptatioun nom Arrêt vun der Cour constitutionnelle vum 7. Abrëll 2006 iwwert de Forfait d'éducation.

Véiertens ee méi en technesche Volet, d'Verlängerunge vum Mandat vun de Mem-bere vun den Associations d'assurance contre les accidents, déi à terme kommen den 31. Dezember vun dësem Joer an déi verlängert ginn ëm ee Joer bis den 31. De-zember 2009. An dat an Erwaardung hi vun der Reform vun der Assurance accident, déi de Moment en cours ass a wou déi dote Fro dann och wäert mat geregelt ginn.

Bei den Avisé si virun allem dräi Remar-quen, déi erauskomm sinn:

Éischstens, d'Pensiounskeess vun de Privat-beamten huet constatéiert, datt de Projet de loi net all d'Cas-de-figurë géif virgesinn, déi effektiv hei beim Fortgoe respektiv Komme bei d'BCL kéinten entstoën. Mir hunn dat och an der Kommissioun diskutéiert, kruten dunn awer Garantië säitens de Membere vun der Regierung, datt dat doten awer an der Praxis kéint geregelt ginn an och legis-lativ genuch Spillraum do wier, fir dat heite kënnen unzepaken.

Déi zweet Remarque ass komm vun der Chambre de Travail, wat déi nei Disposi-tioun iwwert d'berufflech Aktivitéit fir d'Assu-rance ze komplettéieren ugeet. Dat kéint op kee Fall de Règlement grand-ducal vum 5. Mee 1999 iwwert d'Assurance continue substituéieren.

Ech mengen, et muss een och hei nach eng Kéier ernimmen, datt mer eigentlech elo erëm zrëckkommen op dee Modell, wéi en ëmmer bestanen huet. Déi 2%, op déi ech herno wäert kommen, spillen dës Kéier di-rekt ab 1. Januar fir jiddwer Pensionär.

Den deemolege Facteur d'ajustement ass jo deemools eropgaange gewiescht vun 1,327 op 1,352, an ass duerno, wéi ech gesot hunn, ab 1. Juli nach eng Kéier gehéicht gi vun 1,327 op 1,340, esou wéi en dann och den 1. Juli 2008 applizéiert gouf.

De Moment ass also komm, fir erëm eng Kéier eng Adaptatioun ze maache vun dem Niveau de vie op 2007, a wéi gesot dann d'Pensiounen an d'Rentes-accident unze-passen op den 1. Januar 2009.

Am Tableau, deen Der hannendruleien hutt, hutt Der gesinn, datt effektiv den Niveau vun de Salairë par rapport zum Niveau de vie eng Differenz opweist vu plus ou moins 2%, dat op d'Jore gekuckt vun 2006 op 2007 hin. Dat huet bedéngt, datt de Facteur d'ajustement eropgeet vun 1,352 op 1,379, an dat vum 1. Januar 2009 un.

Ech mengen, dat ass eng gutt Saach, déi hei gemaach gëtt, well effektiv mer hei d'Renten erhéije wäerten ëm 2% vum 1. Januar un, also och méi Kafkraaft gi fir d'Leit dobaussen a virun allem d'Rentner, déi gréisstendeels och nach kleng Renten hunn, fir hei kënne wierklech méi am Portmonni ze hunn, wa se am nächste Joer mussen hir Chargë bezue-len, hir Taxe bezuelen an alles dat, wat an der Tëschenzäit méi deier gouf. An der Të-schenzäit ass et amgaang erëm erofzegoen, mä si hunn op jidde Fall och méi am Port-monni, fir kënnen auszeginn. Ech mengen, jiddwerengem deet dat an dëser e bësse méi ongewësser Zäit gutt.

Wat bedeit dat elo eigentlech säitens vun dem Geld, dat muss hiergeholl ginn, fir dë-sen Ajustement ze maachen?

Dat bedeit éischstens fir den Exercice 2009 51,7 Milliounen Euro supplémentaire Coût, deen hei spillt, deen direkt finanziell suppor-téiert gëtt vun der Assurance pension, wou mer och gesinn hunn, datt déi néideg Fon-gen do sinn, fir dat kënnen ze maachen.

Wat d'Rente-accident betrëfft, esou läit dëse Coût do bei 2,6 Milliounen Euro. Fest-gehale gouf och, wéi et ëmmer war, datt och d'Pensioune vun de Fonctionnaires d'État wäerten an d'Luucht goen. Hei beleeft sech de Coût op 8,4 Milliounen Euro.

Wat hunn déi eenzel Chamberen zu dësem Ajustement vun de Pensiounen an der As-surance accident gesot?

Also eng Kéier huet d'Chambre des Fon-cionnaires et Employés publics d'Iddi vun engem jährlechen Nokucke vun deem Aju-stementsfacteur opgehäit. An op där anerer Säit huet virun allem d'Chambre des Em-ployés privés ganz einfach bemierkt, datt et gutt wier, datt effektiv de Pouvoir d'achat géif erhéicht ginn och vun de Pensiouns-empfänger.

De Conseil d'État u sech huet weider keng Remarquen am Kader vun dësem Projet de loi gemaach an duerfir och säin Avis positif zu dësem Projet de loi ofginn, esou wéi dat iwwregens och an eiser Kommissioun war, wou mer unanime dëse Projet gestëmmt hunn. An ech géif och vun dëser Plaz aus elo schonn d'Zoustëmmung vun der LSAP, der Lëtzebuerger Sozialistescher Aarbech-terpartei, gi fir dësen an eisen Aen och so-zial ganz wichtege Projet, deen hei ge-maach gëtt.

Zu deem zweete Projet, Här President, wann Der erlaabt, ginn ech dann direkt iw-wer, obwuel en direkt wéi gesot näischt mam Ajustement vun de Pensiounen ze dinn huet. Et ass de Projet 5839 iwwert d'Adaptatioune vun der Koordinatioun vun de Pensiounsregimer.

**(M. Jos Scheuer prend la Présidence)**

Hei géif ech och eng Kéier kuerz d'Procé-dure législative erklären. Hei war och den Dépôt vum zoustännege Minister den 1. Fe-bruar 2008. Regierungsamendementer, op déi ech och spéider wäert agoen, goufen dunn eng Kéier gemaach den 23. August 2008. Als Rapporteur gouf ech den 11. De-zember bestëmmt. Do hu mer och dësen Avis an der Kommissioun diskutéiert an duerno och dann de Rapport unanime uge-holl.

Wat ass elo den Objet vun dësem virun al-lem ganz technesche Projet, dee mer hei virleien hunn?

En adaptéiert e Koordinatiounsgesetz iw-vert déi legal Pensiounsregimer a modifi-zéiert verschidden Dispositiounen vun de ge-nerellen an de spezielle Pensiounsregimer - fir et emol kuerz ze soen. Dat si Modifi-ka-tiounen, déi virun allem néideg gi si bei der praktescher Ëmsetzung vun deenen een-zelne Gesetzer.

Wat sinn am Detail dës Modifikatiounen?

**3. la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'État;**

**4. la loi modifiée du 27 août 1977 concernant le statut des fonctionnaires entrés au ser-vice d'Institutions internatio-nales;**

**5. la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxem-bourgeois;**

**6. la loi du 23 décembre 1998 relative au statut monétaire et à la Banque centrale du Luxembourg**

**Rapports de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale**

»»» **M. Romain Schneider** (LSAP), *rap-porteur*.- Merci, Här President. Ech kann also de Moien dat ofschléissen, wat ech de Mëtteg eigentlech virgesinn hat. Den Här Gesondheetsminister ass jo age-traff, esou datt hien eis och op déi puer Froen, déi zu deene Projeten nach bestinn, entweder de Moien oder de Mëtteg kann äntwerten.

Op eisem Ordre du jour sinn effektiv déi zwee Projets de loi virgesinn, fir zesumme behandelt ze ginn. Ech wollt awer eng kloer Trennung tëschent deenen zwee maachen, well eigentlech den Ajustement vun de Pen-sioune ganz weéneeg ze dinn huet mat deene Modifikatiounen, deenen Ännerungen, déi mer am Gesetz iwwert de Koordinatiounsre-gime vun de Pensioune maachen. Duerfir géif ech fir d'éischt ufänke mat dem Projet 5941, an ech mengen, och d'Diskussioune misst ee separat doriwwer féieren, well se eigentlech ganz weéneeg, ausser verschidde Voletë vum Finanzement eventuell, mat-eneen ze dinn hunn.

De Projet de loi 5941 ass ee ganz flotten, dee mer kënne virun Enn dës Joers presen-téieren. An en Donneschdeg de Moien hu mer nach eng Kéier een, dee sech eigent-lech och ëm deeselwechte Volet dréit, dee vun der Adaptatioun vum Mindestloun. Hei ass eben de Moien elo d'Adaptatioun vun de Pensiounen an de Rentes-accident op den Niveau de vie 2007.

Dëse Projet de loi gouf den 21. Oktober 2008 vum Minister Mars Di Bartolomeo dé-poséiert. An der Réunioun vum 4. Dezem-ber 2008 gouf ech vun der Kommissioun als Rapporteur bestëmmt. Den Avis vum Stats-rot ass vun der Kommissioun gekuckt ginn, an de Rapport gouf duerno och unanime vun der Kommissioun akzeptéiert.

Den Objet vun dësem Projet de loi ass deen, datt, laut Artikel 225 Alinea 4 vum Code de la Sécurité sociale, d'Regierung all zwee Joer préift, ob eng Revisioun vum Facteur d'ajustement vun den Evolutiounen vum Niveau moyen vun de Salairen, vun den Traitementer gemaach muss ginn. D'Regierung leet dann all Kéiers der Cham-ber och en detailléierte Rapport derbäi, deen Der och an Ärem Document parle-mentaire erëmfonnt hutt.

Säit 1995 remplacéiert dësen Indicateur unique och déi zwee Indicateuren, déi vir-dru bestanen hunn, deen ee fir d'Pensiou-nen, deen anere fir de Mindestloun. Zënter 1995 ersetze mer déi duerch een Indicateur, deen also souwuel d'Pensiounen adaptéiert wéi och de Mindestloun, dee mer wéi gesot muer wäerten diskutéieren, zrëckkommend vläicht awer nach eng Kéier op dat lescht Gesetz, dat mer an dësem Kader haten, d'Gesetz vum 22. Dezember 2006, do wou mer d'Pensiounen adaptéiert hunn op de reellen Niveau vun de Salairen op d'Joer 2005 - do wou mer also gekuckt hunn, wéi d'Evolutioun 2004, 2005 gewiescht war, an do hu mer iwwert d'Gesetz 2006 wéi gesot déi Erhéijung gemaach.

Mir haten awer dunn dertëschent - an dat soll och nach eng Kéier hei rappeléiert ginn, well mer jo hei och zrëckkommen op de System, wéi en ëmmer bestanen huet - am Kader vun dem Avis vum Comité de coordi-nation tripartite vum 28. Abrëll 2006 festge-halen, datt déi Adaptatioun, déi eigentlech hätt misse stattfanne vun de Pensiounen an de Rentes-accident ëm 1,9%, net direkt ze-summen ausbezuelt géif ginn, mä datt déi an Etappe stattfanne géif: eng Kéier 1% op den 1. Juli 2007, an déi aner 0,9% op den 1. Juli 2008, esou datt mer dunn déi 1,9% also verdeelt haten iwwert déi dote Period. Wat also eng vun de Konsequenze war vun de Beschläss vun der Tripartite.

Da stëmme mer elo of iwwert d'Konventioun mat Montenegro.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 5885 et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5885 ass eestëmmeg uge-holl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Ganten-bein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hupert (par M. Marco Schank), Mme Fran-çoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Cle-ment), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Wei-ler et Michel Wolter (par M. Patrick Santer);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Co-lette Flesch (par M. Fernand Etgen), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch (par M. Xa-vier Bettel) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Ca-mille Gira, Jean Huss (par M. Félix Braz), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt och hei d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir si relativ fréi haut de Moien dru mat eisem Ordre du jour. Ech wollt d'Chamber froen, vu dass d'Leit alleguer hei sinn, de Rapporteur hei ass, de Minister hei ass, ob mer net sollten elo mat deem nächste Projet, deem vun de Renten, weiderfueren, da si mer nämlech haut de Mëtteg gegebenenfalls éischter fräi? Wat hält d'Chamber dovunner?

**(Interruptions)**

Jo, mir fuere bis 12, 12.15 Auer. Mir gi sou-wisou, mengen ech, de Moien net fäerdeg mat dësem Projet. Ech gesinn, et ass Unani-mitéit do. Da komme mer zu dësem Projet, e wichtege Projet iwwert d'Upassung vun de Renten a Pensiounen un de Liewensniveau vun 2007. Den Här Goerens freet d'Wuert.

»»» **M. Charles Goerens** (DP).- Här Pre-sident, eisen Orateur mandaté hat de Moien aner Rendez-vousen an hien huet sech vir-bereet, fir de Mëtteg ze schwätzen, esou wéi et virgesi war.

»»» **M. le Président**.- Gutt, mir fueren da mam Ordre du jour esou wäit wéi mer kom-men, an haut de Mëtteg, wann Ären Orateur dann hei ass, da kënnst hien haut de Mëtteg drun. Mir huelen dann elo de Projet iwwert den Ajustement vun de Renten a Pensiou-nen direkt op den Ordre du jour. Den hono-rabelen Député-Maire vu Wolz, den Här Schneider, deen eis haut de Moie méi oft hei beéiert, kritt elo d'Wuert, fir de Rapport iw-vert dëse Projet ze maachen.

Ech wëll nach soen, dass hei als Riedner ageschriwwe sinn: déi Häre Spautz, Krieps, Schneider, Braz, Gibéryen a Meyers. Also gesitt Der, datt mer haut de Moien domat net fäerdeg wäerte ginn. Den Här Schneider huet d'Wuert, fir déi zwee Projeten ze pre-sentéieren.

## 10. 5941 - Projet de loi portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie 2007

### 5839 - Projet de loi modifiant

### 1. la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordi-nation des régimes légaux de pension;

### 2. le Code de la Sécurité so-ciale;



Drëttens weist sech de Statsrot retizent wat d’Kreatioun vun der Schafung vun engem zousätzleche Pensiounsfont fir d’BCL betrëfft, wou hien eigentlech seet, datt erëm en neie Fong géif geschaf ginn. Och virun allem weinst enger Transparenz administrativ wier hien eigentlech net ganz frou mat esou enger Schafung. E gëtt dann awer säin Accord zu dësem Projet de loi.

D’Kommissioun huet an hiren Diskussiounen nientweng enger Rei techneschen Échangen, déi mer haten, virun allem op eng Fro higewisen. De Minister huet eis versprach - an hien ass jo och präsent de Moien -, datt hien eis déi néideg Informatiounen an Zuele géif liwweren. Dat am Kontext vun den Ännerungen, déi gemaach ginn am Kader vum Forfait d’éducation, där sougenannter Mammérent also. Do waart d’Kommissioun, datt mer eigentlech d’Zuele géife kréien, wat dës Implikatiounen, dës Modifikatiounen géife bedeiten vun den Zuele respektiv vum Ausbezuelen an och dem Coût, wat de Forfait d’éducation betrëfft. Mir waarden also do als Kommissioun gespaant op d’Aussoen an op d’Zuelen, déi de Minister eis wäert am Débat elo liwweren.

D’Kommissioun, wéi gesot, huet dës Rapport unanime ugeholl an hir Zoustëmmung ginn. Ech géif dann och als Vertrieeder vun der LSAP, der Lëtzebuerger Sozialistescher Aarbechterpartei,...

(Interruption)

...dësem Projet de loi d’Zoustëmmung ginn an ech och alleguerde bieden, dësem wichtige Projet, virun allem technescher Natur, Är Zoustëmmung ze ginn.

Ech soen ech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Schneider.

» M. Gast Gibéryen (ADR).- A wat maache mer nom 1. Januar mat der Aarbechterpartei?

(Interruption et hilarité)

» M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Spautz. Här Spautz, Dir hutt d’Wuert.

Discussion générale

» M. Marc Spautz (CSV).- Här Präsident, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Romain Schneider huet gesot, et misst een déi zwee Projekte vuneneen trennen. Dofir wäert ech och elo just zum Ajustement schwätzen an duerno mäi Kolleeg, de Paul-Henri Meyers, zu deem anere Volet vum Projet, fir dass och do keng Verméschung soll virkommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen awer och dem Rapporteur, dem Romain Schneider, Merci fir de schrëftlechen a mündleche Rapport. Esou wéi de Rapporteur et och gesot huet, ass et déi gesetzlech Basis vum Ajustement, den Artikel 225 vum Code des assurances sociales, dee Folgendes virgesäit, fir dass den Ajustement kann erfollegen:

d’Obligatioun vun der Regierung, fir all zwee Joer e Rapport ze presentéieren iwwert d’Lounentwécklung, souwuel am private wéi och am öffentlechen Déngscht; zweetens, och ze kucken der Chamber dann e Projet de loi virzeleeën, fir all deenen Entwécklungen an deem, wat festgestallt ginn ass, Rechnung ze droen, an an deem Projet ëm x% dat unzepassen, wat an der Lounentwécklung feelt.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, d’Upassung vun de Pensiounen a Renten un d’Entwécklung vum indexberengegte Loun huet als Zil, genau wéi och d’Upassung vum Mindestloun an déiselwecht Entwécklung, fir d’Kafkraaft vun de Pensionéierten a Rentner ze erhalen.

Kolleeginnen a Kolleegen, zënter 1995 gëtt och dofir ee gemeinsamen Indicateur benotzt, fir déi Entwécklung vun den indexberengegte Léin ze moossen, deen déi zwee virdrun existéierend Indicateure remplacéiert, an dat fir een Auserneendrift vum den Indicateuren ze verhënneren. Deen Indicateur weist fir d’Joren 2006 an 2007 eng Entwécklung vun 2%. Dës Entwécklung ass awer net déiselwecht an alle Lounschichten.

Den Tableau op der Säit 5 vum Rapport vun der Regierung weist, dass et zwëschen deenen niddregsten an deenen héchste Léin Ënnerscheeder gëtt. Mir gesinn do, dass an der ënneschter Kategorie d’Léin ëm 1,7% an an der ieweschter Kategorie ëm 2,8% an d’Luucht gaange sinn. An de Joren 2004 an 2005 war deen Ënnerscheid nach méi grouss. Do war et 1,2 géint 3,2% an der ieweschter Kategorie.

Wat wëll ech ech domadder soen?

D’Lounentwécklung zu Lëtzebuerg - an net nëmmen hei - géif fundamental auserneendriften, wa mir net regelméisseg Efforté géife maachen, fir iwwer esou Instrumenter wéi den Index an och d’Upassung vum Mindestloun dës Entwécklung ze reguléieren fir déi Kategorië vu Léin, déi soss net mat der allgemenger Entwécklung kéinte mathalen. Mä dat wär also éischter e Plädoyer, fir et beim Mindestloun ze halen. Dat wäert de Kolleeg Marcel Glesener muer maachen. Mä just fir ze soen: Wa mer et net géife fäerdeg bréngen, regelméisseg Ajustementer ze maachen a regelméisseg den Index unzepassen, géif d’Lounschéier ëmmer méi wäit auserneegoen.

Ouni Upassung vun de Pensiounen a Renten, also dem Ajustement an der Indexéierung, géifen eis Pensionéiert lues mä sécher d’Kafkraaft verléieren. An der jëtzege Situatioun wär dat fatal. Et ass eis Pflicht, hei am Land d’soziaalt Geflecht beieenen ze halen. An dofir brauche mir dës Instrumenter.

Déi Pensionéiert si fréier Salariéen an hu matgehollt, déi aktuell gutt Situatioun vun de Pensiounskeesen opzebauen. Et sinn hir Cotisatiounen, déi och haut zum Deel an de Reserven hir Friichten droen. Si hunn e Recht, en Deel vun dëse Friichten ze plécken.

Beim leschten Ajustement 2006 hate mir heibannen eng aner Diskussioun. Éischtmog gouf do den Ajustement gesplitt an d’Échéancé verréckelt; an dat getrei dem Tripartiteaccord. Mäi Fraktiounskolleeg Paul-Henri Meyers huet deemools hei op der Tribün gesot: Et kann ee fir d’Zukunft iwwert d’Renten an d’Pensiounen diskutéieren, mä wann een den Accord ginn huet am Kader vun der Tripartite, wéi et hei de Fall war, da muss ee sech och un deen Accord halen, wann ee wëllt gläwderdeg bleiwen a wann een als seriöse Partner och fir d’Zukunft wëllt unerkannt sinn. Doropshin huet och d’Chamber deemools heibanne festgehalten, fir d’Échéancen ze réckelen.

Dës gesot, Kolleeginnen a Kolleegen, eis Rentner hunn op den 1.1.2007 op hiren direkten Ajustement verzicht gehat. Si hu gewaart bis den 1.7.2007 an hunn dann nëmmen en Deel och nach ausbezuelt kritt, op de Rescht hu si gewaart bis den 1.7.2008. Domadder hu si hiren Obolus am Kader vun den Tripartiteaccorde gelescht an därefen elo dervun ausgoen, wa mir dat elo stëmmen, op den 1.1.2009 hir wuelverdängten 2% op hirer Pensioun respektiv Rent bäizekréien.

Ech wëll awer och soen, dass d’CSV, d’Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei, zum Instrument vun den Ajustementer steet. Dat bedeit, dass den nächste Rendez-vous hei an der Chamber, fir iwwert den Ajustement ze schwätzen, an zwee Joer ass, an dat am Dezember 2010.

Ech soen ech Merci.

(Interruption)

» Une voix.- Et ass gutt, dass Der dann net méi derbäi sidd.

» M. le Président.- Merci, Här Spautz. Den nächste Riedner ass den Här Braz. Här Braz, Dir hutt d’Wuert.

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President. Am Numm vun der grénger Fraktioun wëll ech dem Rapporteur Merci soe fir seng zwee schrëftlech Rapporten an och déi zwee mündlech Rapporten, déi hien an engem verbonnen huet. Déi gréng Fraktioun ënnerstëtzt déi zwee Projeten a wäert se och alle béid stëmmen.

Wat mer haut maachen, ass d’Applikatioun vun engem bestehende Gesetz. Et ass keen neie politesche Moment. Et ass d’Weiderféierung vun engem Gesetz an d’Weiderféierung an d’Applikatioun vun den Tripartiteaccorde vum Abrëll 2006, opgrond vun deene mer jo de Rentenajustement vum 1. Januar 2007 reportéiert haten; en Deel, 1%, op den 1. Juli 2007, an en aneren Deel op den 1. Juli vun 2008, ëm 0,9%.

Elo si mer erëm am normale Rhythmus vum Gesetz. D’Lounentwécklung läit op de Referenzjore bei 2%. Esou dass mer de Rentefacteur vun 1,352 op 1,379 upassen op den 1. Januar 2009, wat de Rentebézéier am Land eng Augmentatioun vun hirer Pen-

sioun, och ëm déi 2%, wäert besuergen. Esou gesäit d’Gesetz et vir. Esou weist de Rapport et aus, deen am Gesetz virgesinn ass. Duerfir wäerte mer och haut zu Recht déi Augmentatioun stëmmen, déi fir d’Keese mat 51,7 Milliounen fir 2009 zu Buch wäert schloen.

Et ass am Fong fir d’lescht, wou mer fir dës Legislatur eis mat dëse Froe beschäftegen, fir déi puer Méint, déi nach verbleiwen. Et ass och vläicht d’Geleeënheet, fir e ganz kuerze Bilan just ze zéie vun deem, wat am Rentewiesen an dëser Mandatsperiod geschitt ass; am Fong wëlle mir awer soen, net geschitt ass.

Mir hu vum Minister viru kuerzem an enger Pressekonferenz nach eng Kéier rappéléiert kritt, dass d’Entwécklung vun de Reserven an de Keese positiv ass. Dat heescht, trotz der ekonomescher Kris, déi mer elo kennen, déi ufänkt och hir Auswierkungen ze hunn an déi och op d’Pensiounskeese wäert am Laf vun 2009 en Impakt hunn, si mer am Moment nach ëmmer, och wat d’Reserven an de Keese betrëfft, eigentlech an engem positiven Trend op de Jore ‘07 an ‘08, mä mir wäerten 2009 och do sécher d’Konsequenzen kennen nagesinn, déi op anere Politikfelder elo schonn erkennbar sinn.

Dat ännert awer eiser Meenung no näischt drun, dass, wann ee wëllt déi dräi Enjeuen, ëm déi et eigentlech geet, bei de Pensiounskeese respektéieren, een hätt missen déi lescht Jore méi maachen a méi wäitsiichteg eppes ënnerrhuelen. Déi dräi Enjeue sinn...

» M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Dir sidd also der Meenung, dass mer den Ajustement net solle maachen?

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Ech sinn der Meenung, dass mer den Ajustement solle maachen, Här Di Bartolomeo.

Fir Är ongestallte Fro ze beäntweren, wann Der eng Minutt Gedold hutt, ass dat och geschitt.

Et gëtt also dräi Enjeuen. Den éischten Enjeu ass dee vun der Gerechtegkeet am Pensiounssystem. Do si mer zu Lëtzebuerg an de leschte Jore gutt Stécker weiderkomm, duerch déi Reformen, déi geschitt sinn am kontributiven an am deemools net kontributive Beräich, awer och...

(Interruption)

Neen, et ass well et eng Majoritéit an der Chamber gouf; dat sinn der méi wéi nëmme fënnf.

(Interruption)

Do sinn also Reforme geschitt, déi mat Gerechtegkeet ze dinn hunn.

(Interruption)

Dach, déi waren derbäi a si bleiwen derbäi.

(Interruption)

Dach, si bleiwen derbäi! Si sinn derbäi a si bleiwen derbäi.

Dass mer also déi Reforme maachen, déi noutwendeg ware fir d’Gerechtegkeet am System, mä virun allem awer och, dass mer mat den Hongerrente lues a lues duerch eng Abberzuel vu vläicht méi klengen punktuellen Reformen et fäerdeg bruecht hunn, do e System haut opgebaut ze hunn, deen deem Kritär, ech wëll net soen zu 100%, awer gréisstendeels entsprécht, dat ass e positive Punkt.

Déi zwee aner Enjeuen, do si mer eiser Meenung no déi lescht Joren net schrecklech vill weiderkomm. Dat eent ass d’Stéchwuert vun der laangfristeger Ofsecherung vum Rentensystem an dat Zweet ass d’Stéchwuert vun der Individualiséierung vun de Renterechter, de Splitting, wat jo vum Minister senger Säit ëmmer als Virstuf dovunner erkläert ginn ass.

Et ass wouer, dass d’Keesen am Moment gutt gefëllt sinn, dass mer eng gutt Ausgangssituatioun hunn. An et ass och duerfir wou mer bemängelen, dass mer eis an de leschte Joren net méi seriö an net méi intensiv beschäftegt hu mat der laangfristeger Ofsecherung vum Rentensystem, deen opbaut op e Generatiounevertrag, dee mir ausdrécklech ënnerstëtzen als gréng Fraktioun. Mir stinn zum Umlageverfahren. Dat ass eiser Meenung no dee richteg System an dee wëlle mer och gäre bäibehalen.

Fir dee Generatiounevertrag bäizebehallen, muss een awer net nëmmen déi aktuell Generatioun vu Rentebézéier oder déi, déi scho laang am Berufsliewe sinn, vun deem Generatiounevertrag iwwerzeegt kréien. Et muss een och déi am Generatiounevertrag kënnen behalen, déi am Moment nach net dra sinn, déi elo nach deelweis an d’Schoul ginn, déi eréischt dohinner kommen, datt se e Bestanddeel gi vun deem Generatiounevertrag.

Et ass duerfir eiser Meenung no wichtig, dass mer déi rout Luuchten, déi vun der Inspection générale de la sécurité sociale ugemach ginn, beuechten, déi eis soen, dass mer à terme, wa mer net reagéieren a législation constante, en extrem optimistesche wirtschaftlechen Entwécklungszeenario brauchen, fir kënnen och am Horizont 2030 keng Schwiereregkeeten ze kréien.

Am Rentewiese mécht een d’Reforme léiwer laangfristeg ausgeluecht. Dat ass en Tanker, deen nëmme laanggezunne Kéiere kann huelen an deen Zäit brauch fir déi Kéieren ze huelen. Duerfir si mer der Meenung, dass, wann ee wëllt d’Umlageverfahren an de Generatiounevertrag bäibehalen - an dat ass eis Meenung als gréng Fraktioun-, da soll ee sech fréi genuch mat där doter Fro beschäftegen an déi rout Luuchten, déi déi zoustänneg Beamten engem umaachen, och eescht huelen a probéieren déi Reformen ze maachen, déi sech elo, wou d’Keese gutt gefëllt sinn, mat Sécherheet besser maachen, wéi wa mer eng Kéier an eng Situatioun erageroden, wou mer méi laang wirtschaftlech Schwiereregkeeten hunn a wou mer da bei der Finanzcapacitéit vum Stat Schwiereregkeete kréien.

Well dat ass dat, Här Minister, wat Dir bei Är Pressekonferenz net genuch ënnersträicht, wann Dir sot...

» M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Däerf ech ech eng Fro stellen, Här Braz?

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Jo.

» M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Kënnst Der ech erënneren,...

» M. le Président.- Här Minister!

» M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- ...dass beim Ofschloss vum Rentendéisch déi Limite festgehalen ginn ass, weini dass ee misst reagéiere bei dem Rééquilibrage vun eise Rentensystemer? Kënnst Der ech drun erënneren, wéi déi rout Luucht do definéiert ginn ass? Kënnst Der ech drun erënneren?

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Jo, ech ka mech drun erënneren, Här Minister. Mä dee Reproche, dee mir ech...

» M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Ech wëll ech just soen, dass déi rout Luucht sengerzäit sollt ugoen, wann d’Reserv bei 1,5-mol d’Joresausgaben ukomm wär.

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Do si mer eis eens. Bei iwwer 3...

» M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Wësst Der, wéi vill dass déi Reserv am Moment ass?

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Dir hutt et jo nach eng Kéier d’lescht...

» M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- 3,5-mol! An Dir hutt déi Konkusioun vum Rentendéisch mat ënnerschriften.

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Jo.

» M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Dat heescht, mir sinn elo zwou Joresausgaben ewech vun deem Zäitpunkt, wou de Rentendéisch sengerzäit gemengt huet, mir misste reagéieren. An dee Rentendéisch, dat ass den Déisch vun alle Leit hei an der Chamber gewiescht, mat Ausnahm vun enger Stëmm.

Sidd Der elo anerer Meenung, dass dat net méi gëllt, wat Der beim Rentendéisch ënnerschriften hutt?

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Neen, mir sinn nach ëmmer darselwechter Meenung.

(Interruption)

» M. le Président.- Här Braz, wann Der net wëllt op d’Fro vum Här Minister antworten, Dir musst net. Den Här Minister huet net gefrot, ob en ech eng Fro dierft stellen.

(Hilarité)

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Mat Är Erlaabis, Här President, considéieren ech dat och als eng Fro an ech géif gär den drop äntworten.

Selbstverständlech, an DÉI GRÉNG hunn net nëmmen dat doten an Erënnerung. Mir hunn och de Virschlag gemaach vun engem Rentendéisch 2, deen Der an enger anerer Form organiséiert hutt wéi dat, wat DÉI GRÉNG proposéiert hunn.



» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- Neen, ech ënnerstellen lech näischt, dat ass esou eriwwerkomm,...

» **M. Félix Braz** (*DÉI GRÉNG*).- Dann ass et jo elo gekläert, dann ass et jo elo richteggestallt.

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- Et ass esou eriwwerkomm, wéi ech et...

**(Interruptions)**

Et ass esou eriwwerkomm, wéi ech et hei gesot hunn, an eng Diskussioun iwwert d'Participatioun vun engem Drëttel vum Stat bei de Renten ass iwwerhaapt net zoulässeg, well deem Drëttel vun der Participatioun vum Stat bei de Rente kënnst dohier - dat hunn ech hei schonns gesot -, déi Participatioun ass erhéicht ginn, well de Stat de Rentekeesen eppes schëlleg war, a weinst soss guer näischt. Et ass just en Zréckbezuele vun deenen 30 Milliarden, déi deemools vu Statsscholden hei bei de Rentekeesen einfach gestrach gi sinn. Et ass d'Kompensatioun dovun, an dofir kann een net d'accord sinn, dass hei iwwerhaapt emol eng Diskussioun iwwert d'Participatioun vun deem Drëttel vum Stat bei de Rente gefouert gëtt. Dat wollt ech hei soen.

Ech hunn et esou verstanen, wéi Dir et gesot hutt, an ech mengen, et muss een oppassen, a wat fir eng Richtung dass et geet, an et muss een och net alle Recommendatione vun der OECD hannendrulafen, well déi liewen an anere Sphäre wéi mir. Et ass un eisen Deputéierten, fir hei eise Rentesystem ze verdeedegen. A wann et esou sollt sinn, dass mer eng Kéier Schwieregkeete kréien - dat hunn ech och schonns gesot -, da soll d'national Solidaritéit spillen. D'national Solidaritéit, dat ass jiddwereen, an dat ass net nëmmen d'Diskussioun iwwer eng Participatioun vum Stat.

Da kommen hei ganz aner Diskussiounen op, da musse ganz aner Diskussiounen gefouert ginn, well da si mer nämlech net nëmmen an enger Situatioun, wou mer Problemer mat de Renten hunn. Ech mengen, dann hu mer nach ganz aner Problemer hei am Land, an da musse ganz aner Diskussiounen gefouert ginn. An déi kënnen nëmme gefouert ginn iwwer eng national Solidaritéit, wou jiddwereen hei am Land beträff ass, an net nëmmen deen een oder deen aneren. Da geet et hei ëm d'Wurscht, an da muss jiddweree säi Bäitrag leeschten.

Dat wollt ech awer hei kloergestallt hunn, a selbstverständlech, egal wéi kleng dass déi Augmentatioun hei elo ass, stëmmen ech se awer.

» **M. le Président**.- Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Paul-Henri Meyers.

» **M. Paul-Henri Meyers** (*CSV*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt soen ech dem Rapporteur Merci fir déi zwee Projeten, deen iwwert den Ajustement, awer och deen, wou d'Koordinatiounsgesetz an nach e puer aner Texter ofgeännert ginn. Wann den Ajustement och ee wichtegt Gesetz ass, wat jiddwereen heibanne vun alle Parteie gesot huet, fannen ech awer och, dass een e puer Wieder iwwert dat zweet Gesetz muss soen, wat vum Rapporteur presentéiert ginn ass a wat méi en techneschen, e bësse méi e komplizéierte Charakter huet, mä awer net manner wichtig ass.

Ech wëll net op eenzel Texter agoen, déi eng Rei juristesche Verbesserungen vun Eenzelfäll bréngen, dat ass méi Technik am Kader vun der Sécurité sociale. Ech wëll allerdéngs dovir warnen, dass ee bei einzelnen Texter ëmmer erëm versicht, deen een oder anere Fall ze léisen, an domat eventuell duerch den Text selwer nei Härtefäll schafft. Et muss een ëmmer kucken, och bei deenen Texter do, dass se verständlech bliewen an dass se generell applikabel sinn op all Fäll, déi sech kënnen stellen. Et wier eng schlecht Prozedur, wa mer fir all Härtefall, dee sech géif stellen, wann een esou ka soen, erëm den Text missten änneren.

Dat gesot, wëll ech dann haaptsächlech op dräi Punkte vun deem zweete Gesetz iwwert d'Koordinatioun vun de Regimer agoen, deen also net nëmmen d'Koordinatiounsgesetz ännert, mä och punktuell Ännerungen am Code de la Sécurité sociale virhält, an deen ënner anerem och d'Gesetz vun 2002

de Generatiounevertrag oprecht halen a laangfristeg ofsécheren.

Ech denken, dass et eigentlech eng Majoritéit, eng ganz breet Majoritéit dofir an dëser Chamber gëtt. Dir hätt also potenziell Ënnerstëtzung op där Fro kënnen viraussetzen an erwaarden. Eis Ënnerstëtzung hutt Dir, wann Der bereet sidd, elo, wou d'Kaderbedéngungen vun de Keesen et erlaben, déi punktuell Adaptatiounen ze diskutéieren, déi och deenen, déi elo eréischt an d'Schoul ginn, et erlaben, un dee Generatiounevertrag ze gleewen an eng Generatioun wäit mat ëmzesetzen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Braz. Mir géifen nach zwee Riedner héieren haut de Moien. Dat wär den Här Jaerling an dann den Här Meyers. Den Här Krieps kéim dann haut de Mëtteg drun, an den Här Gibéryen och, deen huet misse goen, dee konnt net ëmdisponéieren. Da géife mer elo den Här Jaerling lauschteren an dann den Här Meyers, wann den Här Meyers wëllt, oder haut de Mëtteg? Den Här Meyers wëllt. Gutt.

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- Merci, Här President. Et ass ëmmer eng Freed fir esou engem Gesetz wéi deem heite seng Zoustëmmung kënnen ze ginn, well et jo awer e Gesetz ass, wat ganz besonnesch vill klenge Leit eng Opbesserung gëtt, a wat och eiser Economie an eise Geschäftsleit dobaussen zeguttkënnst, well déi Suen, déi do erakommen, déi gi meeschstens och hei am Land ausginn.

Mä ech sinn ëmmer traureg, wann ech hei deen aarmséilegen Defaitismus héieren, deen hei opbruecht gëtt, wann et ëm d'Opbesserung vun de Pensioune geet. An dann déi aarmséileg Litanei, déi ëmmer erëm vun der OECD kënnst, wat mir dann alles misste maachen, fir dass eise Rentesystem kéint ofgeséichert ginn!

Do geet d'Diskussioun net nëmmen ëm d'Héicht vun de Renten, do geet d'Diskussioun och ëm de Rentenalter, do geet d'Diskussioun ëm eise ganze System. Ech fannen dat einfach bedauerlech, dass dat dann och nach ganz oft vu Lëtzebuerger Deputéierten hei répétéiert gëtt, wéi wa mer an enger Situatioun wären, wou mer elo och nach missten higoen an an dëser Situatioun de Rentner Angscht maachen an hinnen Zukunftsaussichten ausmolen, déi, soe mer emol, net seriö sinn.

**(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)**

Ech wëll och all déi, déi all Kéiers deen Defaitismus hei priedegen, emol drun erënnere, dass, wa se gären eis Rentekeesen esou rette wëllen, wéi se dat bis elo gemaach hunn, se sech dann awer d'Fro stelle mussen, firwat dass se ëmmer domat d'accord waren, wann an de Rentekeesen erëmgeklaut ginn ass. Dat verstinn ech net!

Op där enger Säit gi se hin a priedegen, dass eis Rentekeese mussen op iergendeng Aart a Weis ofgeséichert ginn, an op där anerer Säit si se awer all Kéiers domat d'accord, wann d'Rentekeese geplëmmt ginn. Dat passt iergendwéi net beieneen. Souguer vu Säite vun deene Gréngen - an ech muss dat nach eng Kéier widderhuelen - sinn och esou Ukënnegunge komm, wéi wann ee spéider, wann eis Situatioun sollt méi schlecht ginn, misst kënnen driwwer nodenken, ob een déi Participatioun vum Stat an eise Rentekeesen net iergendwéi awer kënnst...

» **M. Félix Braz** (*DÉI GRÉNG*).- Neen, neen, dat ass falsch. Här Jaerling, erlaabt Dir eng Tëschefro?

» **M. le Président**.- Här Jaerling, erlaabt Dir eng Tëschefro? Här Braz, ech wollt den Här Jaerling froen, ob hien eng Tëschefro vun lech erlaabt.

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- Selbstverständlech, well ech weess jo, wat hie seet.

» **M. Félix Braz** (*DÉI GRÉNG*).- Neen, Här Jaerling, mir hu jo absolut kee Problem, wa mer op där doter Fro gedeelter Meinung sinn. An Dir kënnst eis och kritiséiere fir alles dat, wat mer soen, mä wann ech gelift, der Fairness halber, kritiséiert eis net fir dat, wat mer net soen.

Mir soen als gréng Fraktioun klipp a kloer: Mir stinn zu där Een-Drëttel-Participatioun vum Stat am Rentewiesen. A well mer gären hätten, dass dat esou bleift, musse mer kënnen iwwer Reformen am Rentewiesen diskutéieren, fir dass dat dote ka garantéiert ginn, dass mer dat kënnen fäerdeg bréngen. Dat soe mir. Mir wëllen also, contrairement zu deem, wat Dir eis hei ënnerstellt, dat doten ofsécheren an net a Fro stellen.

Et kann also net d'Aen zougemaach gi mat Verweis op den aktuellen Zoustand vun de Keesen op der Fro vun der laangfristeger Ofsécherung, well deem Drëttel Fiskaliséierung bedéngt, dass de Stat exzellent fonctionnéiert. Soss kritt e Schwieregkeeten, wann e muss Choixen treffen, wou en dann d'Suen an Zukunft affektéiert, fir nach ëmmer deem enorm héijen Undeel u Participatioun vum Stat kënnen ze assuréieren.

Wann déi Keesen esou gutt gefëllt sinn, dann ass dat esou, well an eise System een Drëttel vun deem, wat an déi Keese kënnst, iwwert d'Fiskaliséierung kënnst. An dat kënnst Dir net einfach ignoréieren. Mir mussen awer och, wa mer kucken, wat mer elo fir eng Situatioun hunn an der Wirtschaft, kënnen sachlech, ouni een ze provozéieren - et geet net ëm lech, et geet ëm de Rentesystem - driwwer diskutéieren, ob een net elo, wou d'Keese Reformen erlaben, elo, wou mer wëssen, dass d'Zuel vun Ausschëddungen aus de Keesen iwwert déi nächst zwee Jorzéngte wäert steigen, well all déi Leit, déi op Lëtzebuerg schaffe komm sinn an de Moment kontribuéieren, auf absehbare Zeit wäerte kippen op déi aner Säit vun deenen, déi Ausschëddungen vun der Keess erwaarden, eppes soll maachen. Driwwer muss een awer kënnen diskutéieren.

Mir hunn als gréng Fraktioun op där dote Fro an de leschte fënnef Joer bedauerlecherweis null Initiative vun der Regierung gehat. Dat ass e Bilan. Dir waart fënnef Joer laang de Minister,...

» **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Dir sidd an der Opposition, da sot mer, wat Dir wëllt maachen. D'Beitrag erhéijen, Leeschtungen kierzen?

» **M. Félix Braz** (*DÉI GRÉNG*).- Egal wat mer maachen, Här Minister, et ass méi wéi Dir, well Dir hutt op deem doten Dossier just duerch eppes gegläntzt, duerch Ofwieseneheet an duerch Feigheet.

» **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Ech wäert lech soen, wéi déi Keese sech entwéckelt hunn, an da gesäit een, wéi huel dass dat kléngt, wat Dir sot.

» **M. Félix Braz** (*DÉI GRÉNG*).- D'Ofsécherung vum Rentesystem hutt Dir net beaflosst. Dir hutt a fënnef Joer och net e Millimeter d'Richtung korrigéiert, fir dat ze garantéieren, wat jiddweree gären hätt, nämlech en Umlageverfahren, deen och vun der nächster Generatioun akzeptéiert gëtt an dee vun der nächster Generatioun weidergefouert gëtt. Wann Äre Premierminister seet, dass dat, wat mer de Moment amgaange sinn ze maachen, e Verbräichen un eise Kanner ass, da misst dat zumindest lech als Member vu senger Regierung ze denke ginn, mä offensichtlech ass dat net de Fall.

Deen drëtten Enjeu...

» **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Dir wëllt also d'Renten ofbauen?

» **M. Félix Braz** (*DÉI GRÉNG*).- Mir wëllen d'Renten ofsécheren. Dir hutt iwwerhaapt näischt gemaach. Fënnef Joer inexistant an deem doten Dossier. A wou Dir genau esou inexistent waart, dat ass an där Fro vun der Individualiséierung a vum Splitting. Do hutt Dir eis jorelaang erklärt, et géif dorëms goen, de Splitting virzezéien, ier mer géifen an d'Individualiséierung vun de Renterechter aklammen.

Elo sot Dir eis, kuerz virum Oflaf vun Ärem Mandat als Sécurité-sociale-Minister, dat géif alles näischt ginn. Mam Resultat, dass elo d'Sous-commission juridique amgaangen ass ze probéieren, am Kader vum Divorcegesetz eng Léisung ze fannen, wou mir skeptesch si fir all Solutioun, déi ausserhalb vum Corps des assurances sociales géif ugestriift ginn.

Mä Fakt ass awer, dass mer mat deenen zwou Froen do, deenen dräi Enjeuen do - een hate mer scho virdru méi oder weiniger komplett am Griff -, mä den Enjeu vun der laangfristeger Ofsécherung an den Enjeu vun der Individualiséierung vun de Rechter, wat och e Stéck Rentegerechtgheet ass a wat och e Stéck laangfristeg Ofsécherung ass vum System, iwwerhaapt net weiderkomm sinn.

Dir hutt eng Rei Saachen ëmmer nees an de Raum gestallt. Fakt ass, an deem wichtigen Dossier ass an de leschte fënnef Joer näischt geschitt, an op dee Bilan brauch dës Regierung net houfreg ze sinn. Iwwregens y compris hire Premier, well et eiser Meinung no och net duergeet ze mahnen. Och hien ass mat responsabel fir dës Dosieren, an ze mahne geet net duer. Resultater hätte misse kommen. Déi Resultater, déi

Well dat richtegt Liewen ass weidergaangen an dat, wat ech lech wollt soen, Här Minister, dat ass: De Virwurf, dee mer lech maachen, well deem Optimismus, deem Der ausstrahlt op där doter Fro, gëtt jo och net vu jiddwerengem gedeelt. Och net an Ärer Regierung.

» **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Ech wëll lech just soen, dass d'Situatioun haut vun de Renteregimer...

» **M. Félix Braz** (*DÉI GRÉNG*).- Kommt mir féiere keng...

» **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- ...wäitaus besser ass wéi se war dee Moment, wou de Rentendësch gemaach ginn ass. An där Situatioun, wou de Rentendësch gemaach ginn ass, sinn d'Pensiounsregimer op ee Joer ëm +10% vun den Ausgabe méi beaascht ginn.

Dat heescht, d'Situatioun ass haut wesentlech besser, wéi se beim Rentendësch war, an an där méi schlechter Situatioun...

**(Interruption)**

...huet d'Chamber bal unanime déi dote Moosssname geholl. Also misst d'Chamber mer soen, ech misst eigentlech am Moment ganz berouegt sinn.

**(Interruptions)**

» **M. le Président**.- Här Minister, Dir kritt d'Wuert. Ech géif elo wierklech bieden, datt den Här Braz zu Enn schwätze kann.

» **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Wann den Här Braz mech net méi provozéiert!

» **Plusieurs voix**.- Oooohhh!

» **M. Félix Braz** (*DÉI GRÉNG*).- Also, Här Minister, ech hu schonn eng Kéier probéiert...

» **M. le Président**.- Den Här Braz féiert säi sachlechen Discours elo weider. Här Braz, wann ech gelift.

» **M. Félix Braz** (*DÉI GRÉNG*).- Här Minister, ech hu schonn eng Kéier probéiert mat lech mech zu deem Thema ze ënnerhalen hei am Kader vun enger Interpellatioun. Dat ass nach gaangen. Dunn hu mer eis probéiert am Kader vun enger Televisiounsdebatt zu deem doten Thema ze ënnerhalen. Do war et net schwéier lech ze provozéieren, well Dir waart au quart de tour esou remontéiert, Här Minister, dass et bal net méi méiglech war, mat lech ze diskutéieren, au point dass d'Leit sech gefrot hunn, ob Der wëlt oflenke vun eppes.

**(Interruption)**

Neen, Dir musst och kënnen e bëssen nolauschteren. Ech hunn lech jo och ganz fein a manéierlech nogelauschtert. Ech géif lech bieden, datselwecht dann haut ze maachen.

**(Brouhaha)**

Duerfir, Här Minister, Dir hutt deemools schonn et net ganz gutt fäerdeg bruecht nozelauschteren, wat anerer lech zu deem Dossier wëlle soen. An ech wëll lech och just rappeléieren, och dat, wat Der elo gemaach hutt, dat do gebetsmühlenaarteg ze widderhuelen, ass scho bal e Credo, nëmmen et kléngt wéi d'Päifen am Bësch, wann Dir et sot. Well an Ärer eegener Regierung si se net all Ärer Meinung, ugefaang bei Ärem Premier, dee selwer op där doter Fro net eng aner Analys mécht um aktuellen Zoustand vun de Keesen; déi deele mir ausdrécklech.

D'Keese sinn an der Rei. De Problem ass just: Wéi ass et mat der laangfristeger Ofsécherung vun de Keesen? An et ass do, wou mer eis ënnerscheeden, well Är Aarbecht an de leschte fënnef Joer doranner bestanen huet ze soen, et bräicht een näischt ze änneren.

Et ass och ee schwieregen Dossier, un deem ee sech d'Fangere ka verbrennen. Et ass net de Mutt, deen lech wäert charakteriséiere fir déi lescht fënnef Joren an dësem Dossier. Mä et ass awer en Dossier, deen et derwäert ass, eeschthaft unzegoen an Ärer eegener Regierung.

Och de Premier huet do eng aner Analys wéi Dir selwer, déi mir éischter deelen, dass mer wierklech Grond genuch hätten, eis mat där Fro do ze beschäftegen.

Well dat, wat Der net sot, och net op Ärer Pressekonferenz virun enger Woch, wou Der den aktuelle Stand vun de Keese beliicht hutt, dat ass drun ze erënnere, dass en Drëttel vun de Suen an eise System - an dat wëlle mir ausdrécklech bäibehalen - iwwert de Statsbudget, iwwert d'Fiskaliséierung kënnst.

iwwert de Forfait d'éducation, déi sougenannt Mammerent, op e puer Punkten änner.

Fir d'éischt emol d'Koordinationsgesetz. Duerch deen Text, deen elo hei virläit, kann e Sträit tëscht der Banque centrale an de Regimer vun der Sécurité sociale bäigeluecht ginn. Dat war doduerch bedéngt, dass an dem Gesetz iwwert d'Banque centrale, vläicht och am Koordinationsgesetz, net virgesi war, dass och d'Banque centrale, déi en eegene Regime huet hei zu Lëtzebuerg, net ënnert d'Koordinationsgesetz gefall ass. Dat geschitt elo hei.

Wat heescht dat? Dat heescht, dass an Zukunft Assuréen, déi aus engem anere Regime, sief et deem vun de Beamten, sief et dem Régime général, bei d'Banque centrale schaffe ginn, dass do d'Situatioun vun der Pensiounsversécherung geregelt gëtt, an dass dat, wat se accumuléiert hunn u Cotisations, bei d'Banque centrale kann transferéiert ginn, an ëmgedréint och, wann e Salarié vun der Banque centrale fortgeet, dass dee Moment och dat, wat ugeheeft ginn ass u Beiträg fir säi Regime bei der Banque centrale, och an dee Regime kann transféréiert ginn, wou de Salarié, den Assuré dee Moment higee.

Dat ass eng gutt Léisung, an dat schléisst och dee Moment e kleng Sträit hei of. Ech mengen, et soll een dat begreifen.

En zweete Punkt betrëfft d'Ofännerunge vun den Artikelen 173 an 174 vum Code de la Sécurité sociale. Et sinn a mengen Aen zwee wichteg Artikelen.

Den 173 gesäit vir, wéi een d'Weiderversécherung ka maachen, wann een aus dem Pensiounsregime erausgeet, an e gëtt komplettéiert duerch en Zousaz, dass och eng Persoun, déi hir beruflech Aktivitéiten erofsetzt, hir Assurance bei der Sécurité sociale ka komplettéieren, fir se op deem Niveau ze halen zu där Zäit, wou se voll schafft huet. Dat ass eng wesentlech Verbesserung.

Ech wollt allerdéngs hei dem Minister d'Fro stellen: Mat där doter Ännerung ass jo awer ganz sécher net den Alinea 3 vun deem Artikel viséiert, wou virgesinn ass, dass och duerch e Règlement grand-ducal, souguer fir déi Leit, déi voll schaffen, de Pensiounsregime ka komplettéiert ginn?

Déi Fro ass opgeworf gi vun der Chambre de Travail. De Conseil d'État huet sech där

Remarque ralliéiert a gesot, et kann awer dann net sinn, dass do iergendeppes geännert gëtt.

Étant donné dass déi Fro bis elo keng Äntwert kritt huet, hätt ech awer gär, Här Minister, dass Dir eis géift bestätegen, dass um Alinea 3 vun dem Artikel 173 näischt an Zukunft geännert gëtt.

Den 174 gesäit vir, dass déi Persounen, déi hir Aktivitéite ganz opginn hunn aus Familljegrënn, e Rachat kënnen maache vu Perioden. A mengen Ae stellen deen doten Artikel an och den Artikel 173 eng wichteg Viraussetzung duer, wann et eng Kéier zum Splitting vun de Rechter géif kommen, well wann een dat géif maachen, muss een och de Leit et erlaben, dass se hir Pensiounsperioden an déi Beiträg, déi se bezuelt hunn, kënnen komplettéieren an dass se eventuell en Nokaf kënnen maachen.

Duerfir stellen, zënter dass déi an den 90er Jore geännert si ginn, déi zwee Artikelen a mengen Aen eng wesentlech Basis duer, och am Kader vun deenen Diskussions, déi ëmmer nach gefouert ginn iwwert de Splitting. An et soll ee genee suivéieren, wann déi Artekle geännert ginn...

**(Nuisances sonores dues à des interférences techniques)**

Et ass net bei mir, well ech hu keen Handy.

**(Interruptions)**

» **M. le Président.** - Wa mer endlech esou wäit wieren, dass déi Handyen aus deem Raum hei géifen erausbleiwen, dann hätte mer dee ganzen Zauber net.

» **M. Paul-Henri Meyers (CSV).** - Très bien, Här President.

**(Interruption)**

Et wier gutt fir de Sall an et wier gutt fir d'Leit.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Gutt, Här Meyers, fuert elo weider!

» **M. Paul-Henri Meyers (CSV).** - Wann also déi zwee Artikelen 173 an 174 vum Code de la Sécurité sociale geännert ginn, muss een dat ëmmer genee suivéieren, dass et och am Sënn ass vun enger Verbesserung an am Sënn vun enger Konsolidatioun vun de Rechter vun den Assuréen.

En drëtte Punkt, deen ech wollt opwerfen, dat ass deen am Zesummenhang mat dem Forfait d'éducation. Et ass d'Gesetz vun 2002, op Lëtzebuergesch iwwert déi sougenannt Mammerent. Hei ginn e puer Disposi-

tiounen geännert. Fir d'éischt emol ginn d'Texter konform gemaach zu den Erfuerdennisse vun der Europäescher Unioun.

Et war kloer vun Ufank un, wéi d'Gesetz gestëmmt ginn ass, dass déi Prestatiounen am Kader vum Gesetz missten exportéiert ginn. Dat gëtt och elo kloer hei an d'Dispositionen ageschriwwen.

Eng zweet Dispositioun, déi verbessert gëtt, dat ass déi, dass am Text selwer kloer gesot gëtt, dass de Forfait d'éducation geduecht ass fir déi Persounen, déi sech haaptsächlech ëm d'Erzéiung vun de Kanner këmmen. Domat gëtt also ausgeschloss, dass deen, dee sech net drëm gekëmmert huet, nodréiglech och nach d'Mammerent kéint froe kommen. Et sinn also nëmme déi Persounen, déi sech haaptsächlech wierklech och ëm d'Erzéiung gekëmmert hunn, fir déi déi do Prestatioun geduecht war.

Déi drëtt Ännerung betrëfft...

Ech gesinn den Här Minister net méi.

**(Interruptions et hilarité)**

Drëtte Punkt, et gëtt kloer an den Text dragesat, dass d'Prestatiounen nëmme geschëllt si vum Datum vun der Demande un. Dat war net kloer am Gesetz. Nom Text hätten also retroaktiv Prestatiounen kënnen ouni Limitatioun an der Zäit bezuelt ginn, wat ganz sécher net am Intérêt an am Sënn vum Gesetzgeber vun 2002 war.

Déi Prezisioun huet hir Wichtigkeet, besonnesch och fir déi Leit, déi hir Demande spët maachen. Ech erënneren hei dorun, dass an allen Texter vun der Sécurité sociale esou Dispositionen dra sinn, allerdéngs ënnert der Form vu Prescriptionen. D'Recht op déi Prestatioun verjährt net, mä wat verjährt sinn d'Arréragen, dat heescht d'Nobezuelunge réckwierkend an der Zäit, an domat gëtt deen Text hei eigentlech och un aner Texter vun der Sécurité sociale ugepasst.

Ech wëll zum Schluss drun erënneren, dass d'Mammerent e subsidiäre Charakter huet par rapport zu de Bestëmmunge vun der Sécurité sociale. Et ass an et bleift d'Zil, dass hei zu Lëtzebuerg esou vill wéi méiglech Leit, déi tätég sinn, och an dem Doheem, an dem Stot, an der Erzéiung vun de Kanner, och iwwert d'Sécurité sociale an de Genoss vun enger regelrechter Pensioun kënnen kommen, an dass een alles muss maachen, fir dass och dat fir d'Zukunft ofgeséichert ass.

D'Mammerent war ëmmer nëmme geduecht fir déi, déi sech net konnte versécheren, aus iergendwellech Ursaachen. Et war also geduecht, fir haaptsächlech fir d'Vergaangeneheet Léisungen ze sichen. Et muss een also och an d'Zukunft kucken an eventuell ku-

cken, wéi no enger gewëssener Zäit déi Mammerent sech entwéckelt huet.

Duerfir hunn ech och de Minister gefrot: Wéi ass et mat de Statistiken? Wéi huet dat sech entwéckelt? Zu wat huet et geféiert? Wéi vill Prestatiounen sinn an d'Ausland verséiert ginn? Kéint dat Problemer bréngen?

An deem Zesummenhang wëilt ech ofschléisse mat enger Fro un den Här Minister. Dat ass déi: D'Mammerent ka bezuelt gi vu 60 Joer un oder wann een eng Pensioun kritt méi fréi. Vu 60 Joer u ka se also och bezuelt ginn - a se gëtt bezuelt - u Leit, déi nach am Aarbechtsverhältnis dra sinn. Kann déi doten Dispositioun vu 60 Joer Schwierigkeete bereeden am Hibleck op d'Ausbezuale vu Mammerenten an d'Ausland, notamment u Frontalieren?

Wann dat de Fall ass, misste mer dann net an deenen nächste Joren eis Gedanke maachen - ech soe just, Gedanke maachen - iwwert déi Limite vun deene 60 Joer a kucken, ob et gerechtfertegt ass, dass Leit, déi nach am Aarbechtsprozess dra sinn, gläichzäiteg och nach eng Mammerent kënnen touchéieren?

Ech mengen net, dass dat ganz am Ufank de Sënn war vun där heiter Dispositioun. Duerfir meng Fro: Gëtt et do Problemer oder gëtt et keng? Wann et keng gëtt, da kënnen mer eise Kapp a Rou leeën. Wann et der gëtt, da muss ee sech Gedanke maachen, ob een an Zukunft déi doten Dispositioun eventuell misst änneren.

Dat gesot, wëll ech den Accord brénge vu menger Partei zu deem heite Gesetz. An ech hoffen och, dass et an där Form, esou wéi d'Kommissioun et gewënscht huet, gestëmmt gëtt.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Meyers.

Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun eisen Aarbechte fir haut de Moien ukomm. Haut de Mëtteg héiere mer nach déi Häre Krieps a Gibéryen, duerno den Här Minister. Da stëmme mer iwwert d'Projet-de-loien of.

Fir haut de Moien ass d'Sitzung opgehewen.

**(Fin de la séance publique à 11.52 heures)**



Chambre  
des Députés  
L U X E M B O U R G

d'Chamber live  
**Chamber TV**  
och an der Rediffusioun  
all Sëtzungsdag  
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op  
**www.chd.lu**  
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live